

DEKLARATIOUN FIR MÉISPROOCHEGKEET AM UNIVERSITAIREN ENSEIGNEMENT

Dëst Dokument ass zwar rechtlech net verbindlech, mee nawell artikuléiert et den Engagement vun der Ëffentlechkeet, fir aktiv a konstruktiv dozou bäizedroen, dass am universitaires Enseignement Méisproochegkeet méi a méi Deel vun der Politik gëtt. Dës Deklaratioun ka vun all Mënsch ënnerschriwwen ginn, dee mat Méisproochegkeet a Wëssenschaft, mat sproochlecher Diversitéit a mam Respekt vu Sprooch-Rechter ze dinn huet. Dat gëllt absëns fir (a) fuerschungstechnesch/ akademesch Strukturen, Organisatiounen, Federatiounen, Associatiounen (mat oder ouni Rechtsperséinlechkeet), (b) Eenzelpersounen an hirer Qualitéit als Member vun akademesch Strukturen an anere Sozialstrukturen, déi aktiv am Beräich vun de Sproochen a vum Enseignement ënnerwee sinn.

PRÄAMBEL

Politesch Bestriewungen am Beräich vun der Internationaliséierung, déi fir Institutiounen vum universitaires Enseignement grad ewéi fir national a supranational politesch Décideure vun Intressi sinn, bezwecken – sou gëtt op d'mannst behaupt – an enger Welt, déi ëmmer méi matenee verbonden ass, d'Qualitéit vum universitaires Enseignement stänneg weider ze verbesseren. An der Europäescher Unioun sinn d'Initiativen um Niveau vun der Internationaliséierung duerops ausgeriicht, fir am Kader vum "europäeschen Enseignement" déi eenzel Systemer vum universitaires Enseignement méi a méi uneneen unzegläichen. Dëst Zil soll erreicht ginn duerch eng grenziwwerschreidend Kooperatioun, duerch Partnerschaften tëschent Institutiounen vum universitaires Enseignement an duerch d'Zesummenaarbecht tëscht de Memberstaate vun der Europäescher Unioun. Op déi Manéier sollen "inklusiv national Systemer fir den Enseignement a fir d'Formatioun" geschafte ginn. Elo huet ower d'Internationaliséierung ëmmer méi dozou gefouert, dass déi englesch Sprooch als "lingua academica" benotzt gëtt, dass d'Konzept "Léiere vun der englescher Sprooch als Medium – English Medium Instruction (EMI)" agefouert gouf an dass den universitaires Enseignement "verenglescht" gouf. Obschonn's ëmmer méi däitlech gëtt, dass den ausschliissleche Gebrauch vum Engleschen an de Beräicher Enseignement, Fuerschong, akademesch Publikatiounen an Networking mat Nodeeler verbonden ass, gëtt dësen Gebrauch vun den nationalen Autoritéite a vun der Politik ëmmer méi staark ënnerstëtzt mam Argument, dass Englesch en optimale Vektor ass fir d'ekonomesch Entwécklung, fir Moderniséierung a weltwäit Kommunikatioun. Op der anerer Säit ower kann de Gebrauch vun der englescher Sprooch op Käschte vun der offizieller/nationaler Sprooch respektiv den offiziellen/nationale Sproochen oder op Käschte vu regionalen oer minoritaire Sproochen dozou féieren, dass de Gebrauch vun dësen anere Sproochen a bestëmmte Beräicher verluer geet a sproochepolitesch Rechter refuséiert ginn. Doriwwer eraus huet de Gebrauch vum Engleschen op Käschte vun anere Sproochen mat oder ouni signifikantem kulturellen Hannergrond Konsequenze fir déi sproochlech a kulturell Diversitéit, wat zu gudder Lescht zu enger Veraarmung vu sozialen a sproochespezifesch Kennnësser féiert.

GENERELLE CONSTAT

D'Signatairë vun der *Deklaratioun fir Méisproochegkeet am universitaires Enseignement*, déi vun der Europäescher zivilgesellschaftlecher Plattform fir Méisproochegkeet (ECSPM) ausgeschafft gouf, ënnerstëtzen déi wesentlech Prinzipie vun der Helsinki-Initiative iwwert Méisproochegkeet an der wëssenschaftlecher Kommunikatioun.¹

¹ Hei e Resumé vun der Helsinki-Initiative iwwert Méisproochegkeet (<https://www.helsinki-initiative.org/en>): (1) Ënnerstëtzung vun der Verbreedung vu Fuerschungsresultater fir e maximale Notzen zugonschte vun der Gesellschaft, an zwar doduerch, dass séchergestallt gëtt, dass a) Fuerscher dofir beloungt ginn, dass si Fuerschungsresultater iwwert den akademesch Kader eraus am Sënn vun enger Interaktioun mam Patrimoine, mat der Kultur a mat der Gesellschaft verbreedten, a b) fuerschungsbaséiert Wëssen an enger Rei vu Sproochen fir all Mënsch gläichermoossen zougänglech ass; (2) Protectioun vun nationalen Infrastrukture fir d'Publikatioun vu lokal wichtige Fuerschungen, an zwar doduerch, dass séchergestallt gëtt, dass a) d'Editiounen vun net profitorientéierten Zäitschrëften a Bicher souwuel op déi néideg Ressource kënnen ziele wéi och op déi néideg Ënnerstëtzung fir e permanent héige Standard an de Beräicher Qualitätskontroll a fuerschungstechnesch Integritéit, a b) d'Editiounen vun Zäitschrëften a Bicher um nationale Plang beim Iwwergank op de fräien Accès ofgesécher sinn; (3) Promotioun vun der sproochlecher Diversitéit an de Beräicher Evaluatioun vu Fuerschungsarbeiten, allgemeng Evaluatioun a Finanzéierungssystemer doduerch, dass séchergestallt gëtt, dass a) am Prozess vun der expert-baséierter Evaluatioun

Si engagéiere sech doriwwer eraus, zu politeschen Décisounen a Praktike bäizedroen, déi der Recommandatioun CM/Rec(2022)1 iwwert d' "Bedeutung vu méisproochegem an interkulturellem Enseignement fir eng demokratesch Kultur", ugeholl vum Comité vun de Ministere vum Conseil de l'Europe, entsprechen.²

A Bezuch op den universitären Enseignement am Speziellen engagéiere sech d'Signatairen:

- de Gebrauch vu méi Sproochen zousätzlech zu der offizieller Sprooch/den offizielle Sprooche vun universitären Institutiounen an de Beräicher Gouvernance, Fuerschung a Publikatiounen, Enseignement, Studium a Kommunikatioun ze garantéieren an ze promovéieren;
- d'Méisproochegkeet speziell an de Beräicher Enseignement a Léier wéi och am Beräich vun der internationaler Fuerschungszesummenaarbecht sécherzestellen an ze verstärken; an
- op den Asaz vu sproochentechnologeschen Instrumenter fir Servicer an de Beräicher Enseignement a Studium ze setzen, déi de Gebrauch vu verschiddene Sproochen erliichter.

SENSIBILISÉIERUNG

D'Signatairë vun der *Deklaratioun fir Méisproochegkeet am universitären Enseignement* vun der ECSPM engagéiere sech matzehëllefen, hir universitaire Autoritéiten, grad ewéi déi fir Sproochepolitik, Sproochmanagement a Léierpläng responsabel Instanzen an och d'Direktore vu Fuerschungsinstituter, Wëssenschaftler, Studenten, Léierpersonal, administratiivt Personal an d'Zivilgesellschaft fir dës Uleies ze sensibiliséieren:

- 1) D'Maîtrise vun enger offizieller Sprooch, enger Nationalsprooch, enger Heemechtssprooch, enger an der Famill tradéierter Sprooch oder enger anerwäerts geléierter Sprooch ass keng Garantie fir eng sérieux epistologesch Kompetenz an där Sprooch, well dës Zort vu Kompetenz eng komplett aner Diskurspraxis verlaangt wéi dat bei ëmgangssproochleche Kompetenzen de Fall ass. Allebéid ower si wichteg fir den Opbau vu Sënnhaftegkeet am edukative Kontext, an zwar souwuel fir Studente wéi fir Enseignanten.
- 2) Vun engem, deen an enger Sprooch enseignéiert oder studéiert, déi net seng eegen ass, sollt oder kann net erwaart ginn, datt hien eng quasi mamesproochlech Varietéit vun där Sprooch maîtriséiert.
- 3) D'Studenten an d'Personal vun den Universitéite missen encouragéiert ginn, all Sproochen a Sproochvarietéiten, déi si an hirem Repertoire hunn, als Mëttel fir eng pertinent Kommunikatioun an deene verschiddene Kontexter vun hirer akademescher Carrière ze gebrauchen.

SPEZIFESCH RECOMMANDATIOUNEN

D'Signatairë vun der *Deklaratioun fir Méisproochegkeet am universitären Enseignement* vun der ECSPM formuléieren dës Recommandatiounen, déi vu politeschen Décideuren, transnationalen, nationalen an/oder staatlechen Organisatiounen, Agencen, Universitéiten, Fuerschungsinstituter, Fuerschungsfongen a Chercheure sollten iwwerholl ginn:

1. Fir Programmer, Coursen a Moduler sollten zousätzlech Sproochen (an net nëmmen Englesch) als Unterrichtssprooche nieft der offizieller Sprooch vun der respektiver Institutioun méiglech sinn.
2. Déi sëllege "verdeckte" Sproochen an den Institutiounen vum Enseignement sollte sech manifestéieren kënnen an unerkannt ginn.
3. D'Selektioun vun der jeweiliger Sprooch sollt u prezis Voraussetzunge gebonne si fir esou d'Qualitéit vum Enseignement ze assuréieren.
4. Enseignanten, déi Coursen an anere Sprooche wéi der offizieller Sprooch oder den offizielle Sprooche vun der Institutioun offréieren, sollte kapabel sinn dës Sproochen och intelligent ze erklären.
5. International Studente sollten dobäi ënnerstëtzt ginn, sech an d'universitaire Communautéit anzuliewen; dofir sollte si d'Méiglechkeet gebuede kréien Intensiv-Sproochkursen ze suivéieren.

héichwärtig Fuerschungsarbeiten no hirer Qualitéit an onofhängeg vun der Sprooch oder der Aart a Weis vun hirer Publikatioun honoréiert ginn, a b) am Fall vum Asaz vu metresch baséierte Systemer Publikatiounen vun Zäitschrëften a Bicher an alle Sproochen adequat vertrauede sinn.

² <https://www.coe.int/en/web/education/-/new-council-of-europe-recommendation-on-the-importance-of-plurilingual-and-intercultural-education-for-democratic-culture>

6. Et ass ubruecht, en Enseignement ze évitéieren, dat ausschliisslech op engem eesproochege a monokulturellen Hannergrond opgebaut ass an dofir aplaz beispillsweis Bibliographien, sproochtechnologesch Instrumenter a Videoen an ënnerschiddleche Sprooche virzegesinn.
7. Fuerschergruppen op den Universitéite sollten encouragéiert ginn ze décidéieren, wellech Sprooch oder Sprooche si fir déi eenzel Etappe vun hirer Aarbecht benotze wëllen (bei der Interaktioun, bei der Verbreedung vun de Fuerschungsergebnisser oder bei der Publikatioun vun de Resultater).
8. Iwwersetzungen sollten encouragéiert ginn, grad ewéi de gläichzäitege Gebrauch vun e puer Sproochen; donieft sollt och a sproochtechnologesch Instrumenter investéiert ginn.

Iwwersat vun: Guy BERG